

d'Lëtzebuergesch eng Sprooch?

vum Lex Roth

Dat ass déi **Fro**, déi **ëmmer erëm gestallt guff**. Si hänkt och nach ëmmer an der Luucht, apaart°, wann ee wëllt stëppelen°. Dofir gi mir deer Saach gläich 'op de Virzock°'. Vrun allem wann iergende 'bei Leit' wëllt den Hunn am Kuerf spillen an dësem oder deem Sproochmates 'se mol wëllt esou richteg stoppen'. Dajee° alt°. **Just an deem Zesammenhank wäerte mir vun elo un an eiser KLACK d'Wierder an d'Ausdréck, déi zimlech oder ganz typesch fir d'Lëtzebuergesch sinn, esouguer och nach extra markéieren**, an zwar ganz einfach mat engem °, dem Zeechen, dat gemenkerlech° fir 'Grad/deggré' geholl° gëtt.



Dat erënnert een dann un dee Sproch, datt een Domme méi Froe ka stellen, wéi siwe Louser° kënnen drop äntweren. Hei kann een deer Saach dann ower aus de Féiss° kommen, wann een dem Stëppeler° **einfach eng aner Fro** stellt: Wat ass dann eng Sprooch? ... an da kann ee ganz liicht eng topeg° 'Kuck°' gesinn, et sief dann de Froestellert mengt nach eng missen dropzeginn°: **d'Lëtzebuergesch ass jo 'nëmmen' en Dialekt**; an der Rei° ... mä wat ass dann en Dialekt? Wat ass iwregens den Ënnerscheid tëscht° enger Sprooch an engem Dialekt? Do kritt den Tutebatti dann och alt nach keng méi klor Gickelcher°.

Weltbekannt an unerkannt Linguisten sinn sech ewell° laang eens, datt dat Mëttel, mat deem d'Mënschen sech ënnerenee verstännegen nun emol eng SPROOCH ass, e 'Communicationsmëttel', ob kleng, ob hallef oder ganz, ob kompliziert 'flectiert', differenziert oder gottweesswat vu wëssenschaftleche Bänn a Flätschen° nach an deem Bitzkuerf° läit.

Et ginn och **sougenannt 'Kritären'** e griechesch Wuert fir 'Zeechen': Gëtt deen **'Idiom' (en allegemengt Wuert fir eng 'Schwätz°')** an engem bestëmmte Staat allgemeng gebraucht, dat och op jidfer Niveau? Gëtt en och geschriwwen? Besteet eng gewësse Literatur, en Dictionnaire? Gëtt d'Wëssenschaft sech domat of?... D'Äntwert op all déi Froen ass fir d'Lëtzebuergesch klor, an dat haut jo nach méi wéi et jeemoos de Fall war. Oder net?!

Beim Lëtzebuergesche kënnt nach eppes ganz Wichteges dobäi: Et ass d'allgemeng **Sprooch vun engem souveränen, international unerkannte Staat**, och wann deen nach esou kleng ass! Denkt och un d'Gesetz vun 1984! Et huet seng Plaz a seng Roll op héchstem Niveau (beim Chef vum Land; an der Chamber...): Net ze vergiessen, datt eis Sprooch fir d'Schoulen unerkannt ass... wéi dat elo an der Praxis ausgesäit, dat ass en Artikel fir sech.

Gewosst ass, datt **all wichteg Sproochen hei rondrëm° vrun allem duerch dat Schrëftlecht fixéiert** gi sinn: d'Englescht am Mëttelalter, d'Franséisch am ganz spéide Mëttelalter; dat Däitscht nach méi spéit, well 'Däitschland' jo eréischt laang duerno aus Dosende vu Mini-, Kleng- a gréissere politeschen Unitéiten zesummegehuess ass. Fir dem Goethe seng Sprooch (18./19. Jh.) spillt en etlech Joerhonnerte virdrun de Martin Luther mat senger 'uniformer/universal-däitscher' Bibelüwersetzung d'Haaptroll.

Aus all deenen Iwwerleeungen ass liicht ze verstoen, datt **d'Schreiwe vun enger Sprooch – an dat och vun eiser – dee wichtigste Punkt fir d'Wuessen an Erhale vun egal watfir engem Idiom** ass. Do kënne mir äis fir d'Lëtzebuergesch haut mengerwäreng° net bekloen a roueg jidderengem an d'Gesicht gréngen°, dee mengt, et giff souwisou verschwannen; wie mengt... Dofir sief hei och niewebäi deenen Dosende vu Schreiwerte merci gesot, déi sech mat hirem méi oder manner groussen Talent un hir/eis Sprooch erumaachen.

Wou et 'dämpft', ass Feier.

Iwwersetzt dee bekannte Sproch emol op däitsch. Da mierkt dir, datt eis Sprooch ganz anescht mat deem Begrëff ëmspréngt. Dir fannt och Riedensgebräicher, déi et am Sënn vun 'Damp' iwwerhaapt net am Däitsche gëtt: *Ech wollt eng am Restaurant dämpfen, dunn hunn déi mech (eraus-)gedämpft (=erausgehäit°)*. Dat giff jo dann: *Ich wollte eine dampfen, da haben die mich gedampft...* et geet iech dselwecht°, wann dir 'een' dämpft ☺. Et fällt äis net liicht bäi, datt **eise Gebrauch vun Damp/dämpfen typesch EISES** ass; am Däitschen huet 'Dampf' nëmme mat Donst ze dinn. Bei äis kommen nëmme *'gedä(ë)mpte Schikrien, Bounen a Muurten'* an d'Géigend vun deer Bedeitung.

Hänkt dir eng Ham oder eng Sait° Speck duer, wou den **Damp** e gudde Geschmaach soll ginn, da gëtt op däitsch *'geräuchert'*... mä bei äis gëtt **'gereezt°'**, op kee Fall *'geräächert'*, well soss misste mir fir e *'Reez(-haischen)'* och *'Räächerfank'* soen. Quatsch! Loosst iech léiwer e genëssegt Stéck *'Gereeztes'* schmaachen: Ham, Speck, Mettwurst, bescht Zoossiss... a firwat net och emol eng Schläiss° gereezte Salem/Saumon... deen absolut net *'saumon fumé'* muss heeschen!

Et gëtt esouguer Leit, déi soen, si hätten eng 'gereezt', wann si eng gefëmmt hunn... bei dëser Saach maache mir **erëm muttwëlles e Stéck Sproochgebrauch futti**. Mä dat ass jo alles ale Plonner, gelldir... an da gëtt och nach behaupt, datt wier museal, net modern, esou wéi e sëllegen°, dat onbewosst op de 25 däitschsproochegen TV-Stationen geraf gëtt.

Ceterum censeo... (37)

Léif Deputéiert vun der 'Constitutiouscommissioun'! Gitt ärem Häerz e Stouss° an dem gudde Wëll eng Chance. Setzt eis Sprooch als **'langue du Grand-Duché'** aus all deene logeschen Ursachen an eist Grondgesetz, déi mir ewell° mat iech beschwat hunn; dee Prinzip verschaaft eise **Sproochgesetz** grad ewéi dem **Nationalitéitsgesetz** eng zollitt a verstänneg Basis. Mir verzichte gär op all Publikatioun vun 'ëffentlechem Rapport', deen eventuell eng vergëfte Situatioun ka schafen... dat huet eis Sprooch net verdéngt. Dir och net!

UniLU: Majo dann!

A leschter Zäit hu mir an der Press gelies, datt fir déi nächst Joeren op eiser UniLU d'Mënz gezielt an iwver d'Fachgebieter gerësel° ginn. Wa mir richteg matkruten°, wat do dann esou kréckele° wäert, **da kritt eis Sprooch eng op den Deckel**; wéi et mat der 'Germanistik' geet, dat ass nach net esou klor, ower **d'Spezialitéit 'Études luxembourgeoises' schéngt nach just e Klapstull ze behalen!**

Et soll jo kee mengen, mir gengen äis zurecks° dofir freeën. Rose° si mir ower net, datt mir mat eiser Kritik vun Ufank un net esou falsch geleeën hunn, oder? Déi ganz Saach ass dach, personal- a fachmësseg, wënsch° ugepaakt ginn. Op d'mannst° net richteg. Vrun allem net mat deene Leit, déi et besser gemaach an sech ganz sécher anescht beholl hätten. Datt **de Gascht°, de Beruffsnäid, d'Arroganz, Dokter- a Master-Hunnekamp an aremséileg Charakterschwächt net onschëlleg** un deer Situatioun vun elo sinn, datt päifen esouguer déi Spatzen, déi nëmme am Kullang° krazen. Kënn nach dobäi, datt um Kapp vun der Uni Leit 'setzen' an decidéieren, déi nëmme eng verkuerbelt° Ahnung vun deem hunn, wat dës akademesch Institutoun op deem Gebitt kënn bréngen.

En 'Dauereschued'! Mir hätten esouvill kompetent Leit fir dat Fach 'Lëtzebuerg/-esch', mä leider ass do een deem aneren säin Däiwel. Nach méi schlëmm: Et ka keen deem aneren eppes vergonnen. **D'Ge-Masters a Ge-Dokters schéngt méi wichteg wéi de Fong vun der Saach. Dajee alt°! Videant consules...**

3 mol Wick!

Déi Kéier° hu mir wierklech e 'Wänterchen', deen säin Numm net gestuel huet. Et kann ee roueg behaupten, et wier e gellege° 'Lëtzebuerg Wanter', wéi déi 'Eeler' der ewell e sëllege° matkritt hunn. Do uewen am Éislek hu mir en etlech Plazen, wou dann de Wand de Schnéi op laange Kéip opjeet, esou wéi de Sand an de Wüsten. Dat nennt sech dann am Däitschen 'eine Schneewehe/-verwehung', am Franséischen ass et eng 'congrère'... mä mir brauche keent vun deenen zwee: dat ass an eiser Sprooch eng **'Wick'**, vläicht och nach 'Schnéiwick'.

Am Däitsche gëtt et zwar och 'Wicken', mä dat ass eng Planz, déi ee mat hire Wuerzele beim Gruewen am Gaart schéi rose maache kann... a bei äis genee dselwecht heescht. Déi drëtt lëtzebuergesch Bedeitung vu 'Wick' ass ower typesch EISES! Well en 'Docht' vun enger Käerz ass nach ëmmer keen 'Duecht' oder soss eppes Verdruddeles ginn: **All Käerz huet bei äis nun emol eng Wick!**

Am Wanter kënne mir äis och nach Gedanken iwver aner Ausdréck maachen, déi an eiser Sprooch am Gebrauch sinn: **Glëtz°, Bromä°, Spuerk° (Spierkel!), Gleis°/Schëffel°/Rutsch, Schnéiklatz°, Neelchen°...** a (leider) Vive déi preisesch TV!

stëbsen°

Dat gëtt et am Däitschen zwar och als Verb (stauben, abstauben), mä et huet praktesch näischt mat der Bedeitung an eiser Sprooch ze dinn... dat ass en imment Kapitel, déi sougenannt Semantik (Bedeutungslehre), em déi sech leider keen do bekëmmert, wou et em dee Jadderunnnessennumm vun 'Études luxembourgeoises' op eiser UniLU geet. Firwat? Mä dat giffen eng hallef Dose KLACKen!

Ech hat eng gestëbst, dunn hunn ech d'Stuff misse stëbsen, an dunn huet et gestëbst, well net éierbar gestëbst war... ok, mat de Buuschten erbäi gezun, ower dir verstitt jo, wat gemengt ass. Zu Freiburg kee Mënsch! Dir gitt do och ëmsoss froen, wat eng 'Staublump' ass, och wann hei all Fra versteet, wat mat enger 'Stëbslomp' gemengt ass. **'Eine Lumpe'** siche mir ëmsoss am Duden; dogéint gëtt et bei äis 'kee Lomp' am Sënn vun engem, dee 'lompe' geet asw... do ass esouguer e Maansmënsch **eng Lomp°!** Denkt am selwecht Sënn emol un eng 'Fatz°'...

Wa mir nach méi wäit ginn, kënne mir äis och alt erëm froen, ob mir de **'Staubsauger'** bräichten... do gëtt dach mat enger Maschinn aplaz mat enger Lomp 'gestëbst'... déi heescht ganz logesch **'Stëbslomp'... firwat dann elo net 'Stëbsmaschinn'?** 'Stëbsuckeler' passt net richteg, well e 'Suckeler' huet bei äis eng e bësse méi queesch° Bedeitung... Gelungen°, gelldir... ower genee déi 'Saache' maachen d'Differenz. Net nëmme 'Interferenz'!

Mëttel-Lëtzebuergesch

Dat ass e kriddlegt° Gebitt. Net well et onméiglech wier, datt festzeleeën (kodifizéieren)... mä well et dmeesch° eng Saach vu Sentimentalitéit, aplaz° vu Verstännegkeet ass, fir net vun Duerf- oder Kierchtuermsfanatismus ze schwätzen. De Begrëff 'Héichsprooch' **moost sech vrun allem un enger geschriwwener Sprooch** an do, wou am selwechte Land e puer Zorte vun total verschiddeenen 'Ënnersproochen' doheem sinn. Vergläicht emol dat 'Däitsch', wat a Baden-Württemberg geschwat gëtt mat der 'Schwätz' vun Hamburg, dat Marseiller mat dem Franséische vu Lille... esou Ënnerscheeder hu mir net! Déi **grouss Zeitungen** ('Süddeutsche', 'Monde') an déi allgemeng **unerkannt Schrëftsteller schreiweng eng Mëttelsprooch, déi zugudderlescht d'Héichsprooch ass/gëtt.**

Theoretisch a mat den *Internet-Mëttel* vun haut wier et net watderdäiwel°, fir en zerguttstert° **'Mëttel-Lëtzebuergesch'** aus all deem ze filteren, wat sech am **Laf vun de Generatiounen an eiser Sprooch 'ennen am Faass gesat'** huet. An der Zäit huet esou eppes missen ëmstänterlech mat Korrespondenz vun iwver d'Land verdeelte 'Vertrauensleit' gemaach ginn. Haut kënn een eng Zort **Referendum, fir e Pak Lëschte vu Wieder** organiséieren, déi een (mä wien?!) op e 'Site' geng setzen, wou am Fong nëmme 'Kräizer' bräichte gemaach ze ginn. Dann hätte mir séier° eraus, wou/wéi d'Mëtt vum Lëtzebuergesche giff leien, z. B. ob dann elo **eis – ons – is – éis** déi meesch 'Prozenter' kriterien, oder **Numm – Nuem – Nam – Noam**. Elo an engem neien Dictionnaire jidfer lokal/regional 'Variant' mat eranzehuelen, dat ass, héiflech gesot: **Schmorri!**